

# Vun der NaturErliefnisSchoul zum Generationensgaart

## Eng Kooperatioun vun der NaturErliefnisSchoul an CELL.

Am September 2018 ass d'NaturErliefnisSchoul, mat der Ënnerstëtzung vum Naturpark Mëllerdall an der Gemeng Beaufort, vun eis Sandra Leoni a Joëlle Renoir gegrënnt ginn. Zënterhier gi mir all Woch mat de Kanner aus dem C 2.1 e Moien an d'Natur eraus fir an enger praktescher, ganzheetlecher, fächeriwwegräifender Approche de Kanner de Léierstoff méi no ze bréngen.

Schonns am Mäerz 2018 hat de Buergermeeschter, den Här Camille Hoffmann, eis den ‚Dussiersgaart‘ fir d'éischt gewisen a gefrot ob mir dee kéinten als Schoulgaart an eist Konzept vun der NaturErliefnisSchoul integréieren. Mier ware begeeschtert vun dëser Iddi an haten d'Visioun ee Gaart ze erschafen an deem sech Jonk an Aal kéinten begéinen an austauschen.



Parallel zu eisem wöchentleche grénge Kllassesall hunn mer dësen 2.Volet vun der NaturErliefnisSchoul ugefaangen ze plangen an ze entwéckelen mam Ziel, dass di ganz Schoul kéint vun eisem Pilotprojet profitéieren. Fir di éischt gréisser Aarbechten an dem schéinen, awer net genotzte Gaart unzegoen, hat Gemeng ee Kontrakt mam CIGR vu Berdorf ënnerschriwwen, déi dunn schonns am Summer 2018 ugefaangen hunn de Gaart no eise Pläng ze amenagéieren.

Mir hunn d'Pläng weiderentwéckelt an Iddien zu Pabeier bruecht an hate vill Versammlungen ënnert anerem mam Fierschter, dem Här Marc Hoffmann, betreff d'Beembestänn, mam Här Andy Wagner vun der Gemeng, betreff d'Waasser an d'Elektresch, mam Här Mikis Bastian vun der biologescher Statioun aus dem Naturpark Mëllerdall, betreff d'Bestëmmung a de Schutz vun

der Flora an der Fauna, mam CIGR, betreff d'Organisatioun vun den Aarbechten, mam Buergermeeschter, dem Här Camille Hoffmann an dem Direkter vum NPM, dem Här Claude Petit.

Mir hunn dunn festgestallt, dass mir nieft eisem grénge Kllassesall net genuch Zäit hätten fir de Gaart ze amenagéieren an ze leeden. Mir hunn eis op d'Sich no der richteger Persoun gemaach a mam Annick Feipel vun CELL eng engagéiert Persoun mat deem néidegen Knowhow fonnt. Zu eiser ganzheetlecher Approche an der NaturErliefnisSchoul huet säi Wëssen am Beräich vun der Permakultur a senger holistescher Liewensastellung gutt gepasst an zu engem Ganze gefouert.

D'Annick huet dunn de Projet wéider ausgeschafft an am November dem Buergermeeschter, dem Schoulschäffen, der Mme Lily Scholtes, dem Direkter vum NPM an eis virgestallt. De Projet ‚Generatiounsgaart‘, deen sech un all Cycle, d'MR, d'Senioren an d'Awunner vun der Gemeng adresséiert, ass vun der Gemeng gutt geheescht a finanzéiert ginn.

D'Ëmsetzung ass vun November bis Mäerz vum Joëlle a Sandra suivéiert ginn bis dem Annick säi Kontrakt, iwwer CELL, am Mäerz ugelaft ass. Zënterhier schaffe mir 3 zesummen um Konzept ‚Generatiounsgaart‘:

- D'Annick stellt d'Konzept vum Gaart no den Ethike vun der Permakultur op, iwwerhëlt d'Koordinatioun, d'Kommunikatioun an de kënschtlereche Volet. Hat leet an organiséiert och d'Aktivitéiten am Gaart, déi hat no de Prinzipien vun der Permakultur ausschafft.
- D'Sandra an d'Joëlle iwwerhuelen eng begleedend a berodend Roll beim pädagogeschen an didaktesche Volet vun den Aktivitéiten an Projeten, déi vun den Enseignanten, Educateuren, asw. virbereet ginn. D'Aktivitéite fannen mat dem prakteschen Deel am Generatiounsgaart statt, während de mi theoretischen Deel via eng Vir- an Nobereedung an der Schoul oder der Institutioun duerchgefouert gëtt
- D'Kanner aus dem C 2.1 profitéieren schonns zënter Ufanks Abrëll vu reegelméissegen Aktivitéiten déi vum Sandra, Joëlle an Annick ausgeschafft goufen
- All Donneschdes Moies fënnt en Austausch am NPM statt tëscht dem Annick, dem Joëlle an dem Sandra
- Bei Stéierungsversammlungen wéi z.B. mat der Gemeng si mir ëmmer allen 3 dobäi



Mir freeën eis weiderhin op eng  
gutt Zesummenaarbecht.  
Annick, Joëlle & Sandra

Kommt bis laanscht kucken wann Dier opsteet oder verschafft iech een  
Iwwerbléck op der Facebooksät vum Generatioungaart:

<https://www.facebook.com/GeneratioungaartBeefort/>